



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre de la Défense

Luxembourg, le **23 AOUT 2021**

Dossier suivi par:
Alex RIECHERT
Tél.: 247-82831
E-mail: alex.riechert@mae.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

L-2450 LUXEMBOURG

n. réf.: A37.591.21

Objet : Question parlementaire n°4702

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de mes sentiments très distingués.

François Bausch
Ministre de la Défense

**Réponse de Monsieur le Ministre de la Défense à la question parlementaire n° 4702
du 21 juillet 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser au sujet de
l' « Intervention de l'armée dans le cadre des inondations »**

Zu de Froen 1 an 3:

Vum Donneschden 15. Juli bis zum Mëttwoch 21. Juli sinn 270 Leit zum Asaz komm. Des Zuel begräift net déi Leit déi intern oder extern d'Koordinatioun a Preparatioun gemeet hunn, mee just déi Leit déi physesch um Terrain am Asaz waren.

Bei der Hëllef zu Ahrweiler an Däitschland sinn des Weideren 10 Leit aus dem Service de Santé vun der Arméi zum Asaz komm. Dës Leit, déi iwwert eng Konventioun mam CGDIS op den Ambulanze matfueren, goufen dem CGDIS zur Verfügung gestallt a ware jeeweils 3 Deeg op der Plaz am Asaz.

De Mechanismus fir dass d'Arméi hëlleft ass folgenden: am Aklang mam Artikel 2.1.c. vum Militärgesetz kann d'Arméi geruff gi fir am Kader vun de Plans d'intervention d'urgence, déi vum HCPN (Héije Kommissariat fir national Sécherheet) ausgeschafft gi sinn, « assistance aux autres administrations publiques et à la population, en cas d'intérêt public majeur et de catastrophe » ze leeschten. D'Arméi gouf direkt matagebonne wéi d'Cellule de crise ënnert dem Virsätz vun der Inneministesche zesummegeruff ginn ass. Bei der Aktivéierung vum CGO (Centre de Gestion des Opérations) vum CGDIS war d'Arméi duerch en Liaisonsoffizier vertrauden, fir ze kucken wat fir Moyene vun der Arméi zum Asaz komme kéinte fir ze hëlleften. All Asaz vun der Arméi gëtt zentral iwwert d'Gestiounsorganer vun der Kris (hei konkret koordinéiert vum CGDIS) decidéiert, fir dass d'Prioritéite festgeluecht ginn an dass eng effikass Koordinatioun tëscht de verschiddene Servicer garantéiert gëtt, fir sécherzestelle wien wou a mat wat intervenéiert.

Konkret ass d'Arméi gebraucht gi fir d'Evakuéierung vu Leit, d'Bereetstelle vu Sandsäck (5.000 Säck goufe gefëllt), d'Auspompele vu Raim a Garagen, d'Hëllef beim Opraumen an d'Evakuatioun vu Material dat duerch d'Waasser beschiedegt gouf. Den Haaptdeel vun der Hëllef war zu lechternach, mee et ass awer och z.B. zu Miersch an zu Gilsdref Hëllef gelescht ginn.

Zur Fro 2:

Beim Material dat benotzt ginn ass, handelt et sech haaptsächlech ëm:

- Gefierer:
 - Bussen, Scania- an Unimog-Camionen, souwuel fir Leit wei fir Material ze transportéieren;
 - Ween vum Typ "Transit" fir Leit z'evakuéieren.;
 - en Teleskopklader vum Typ JCB fir den Offall opzelueden;
- Pompelen an elektresch Gruppen;
- Sandsäckfëllmaschinen.

Obwuel ee Moment geplangt, si schlussendlech keng Schlauchbooter zum Asaz komm.